Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden:

*„An engem Bréif vum Juni 2020 un d'Gemengen an un d'Gemengesyndikater, huet de Sportminister Explikatiounen zu de Finanzhëllefen am Kader vum „Plan de relance Sport" ginn.*

*Éischtens huet de Ministère matgedeelt, datt hie sech géing um Finanzement vun engem Sport-Koordinator bedeelegen. Dëse Koordinator sollt virun allem garantéieren, dass déi eenzel Servicer (LASEP, Sportsveräiner, Schoulen, Maisons Relaisen, etc.) gutt zesummeschaffen, an datt d'Beweegung vun de Kanner am Alter vun 0 bis 12 Joer optimal gefërdert gëtt.*

*Zweetens géif de Ministère sech u Kompensatiounskuere fir de Schoulsport bedeelegen.*

*Drëttens wieren och zousätzlech finanziell Hëllefe fir Infrastrukturprojete virgesinn, déi sech fir sportlech Aktivitéiten un der frëscher Loft eegenen.*

*Den Delai fir d'Aiden unzefroen, war op den 31. Dezember 2020 fixéiert ginn.*

*An deem Kontext géife mir dem Här Sportminister gäre folgend Froe stellen:*

1. *Wéi vill Gemengen oder Syndikater hunn eng Demande fir e Finanzement vun engem Sport-Koordinator gemaach?*
2. *Wéi vill Gemengen hunn eng Demande fir d'Kompensatiounskueren ugefrot?*
3. *Wéi vill Gemengen hunn eng Finanzhëllef fir d'Infrastrukturen ugefrot?*
4. *Wéi vill kaschten dës Mesuren am ganzen?"*

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | |
|---|---|
| Claude LAMBERTY | Carole HARTMANN |
| Deputéierten | Deputéiert |